Capio Mosel-Eifel-Klinik

Idyllesch an exklusiv

D‘Haus Sonnenberg läit idyllesch bei engem Bësch zu Bad Bertrich. D‘Zëmmeren si sonneg an hunn eng Buedzëmmer, Telefon an, op Wonsch, och TV. A verschidden Zëmmeren ass eng Loggia, vun där een eng Panoramavue iwwer Bad Bertrich an d‘schéin Natur vun der Äifel huet. Eis privat Wiss an de Wantergaart sinn ideal, fir ze raschten an et sech gutt goen ze loossen.



D‘Haus Römerbad ass exklusiv amenagéiert a steet eise Privatpatienten zur Verfügung. D‘Zëmmeren sinn elegant ageriicht mat enger grousser Buedzëmmer, Buedmäntel, Telefon, TV, Audioanlag, Internet, engem Frigo an deelweis engem Balkon.
Gäscht mat méi héichen Usprech bidde mir eng Business-Suite mat enger Daachterrass.
Déi grouss privat Sonnenterrass kënnen all d‘Patiente benotzen.
Ausserdeem leeën eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter grousse Wäert op eng intensiv a perséinlech Betreiung vun eise Patienten a Gäscht. Persounen, déi eis Patiente begleeden, si selbstverständlech och häerzlech wëllkomm.

Capio Mosel-Eifel-Klinik

Kontakt

Kurfürstenstraße 40
56864 Bad Bertrich
Tel. 02674 940-0
Fax 02674 940-311
info.cmek@de.capio.com
www.venen.de

Eng Ariichtung vun der
Capio Deutsche Klinik GmbH, Fulda

De Chefdokter Dr. med. Norbert Frings ass ënnert den 150 beschten Dokteren an Däitschland.

D‘Capio Mosel-Eifel-Klinik ass mat all de gesetzlechen a private Krankekeese konventionéiert.

Recommandéiert vun: DEUTSCHE VENEN-LIGA E.V.

Accès

Mam Zuch:
Gare Bullay-Bad Bertrich
Mam Auto:
A 48 Trier-Koblenz, Sortie Hasborn
A 48 Koblenz-Trier, Sortie Laubach
A 61 Mainz-Koblenz, Sortie Rheinböllen

Capio Mosel-Eifel-Klinik
Venenzentrum Bad Bertrich

Op ee Bléck

Capio Mosel-Eifel-Klinik

Modernst Diagnostik bei Venekrankheeten

Venekrankheeten ginn duerch eng Schwächt vun de Veneklappen oder Venewänn ausgeléist. Dëst ka vill Ursaachen hunn, woubäi niewent enger ierflecher Veranlagung och den Alter, d'Geschlecht, Schwangerschaften, e schwaacht Bindegewebe grad wéi villt Stoen an ze wéineg Beweegung eng Roll spillen.

Am Laf vum Liewen entwéckelen sech da méi oder manner schlëmm Varicen a schro gesondheetlech Problemer: Infektioune vun de Venen, déif Venenthrombosen an de Been, en oppent Been (Ulcus cruris), eng Iwwerlaaschtung vum déiwe Venesystem mat Schied un den déiwe Vene bis hin zu enger uerger Longenembolie.

Duerch eng kompetent Ënnersichung, Diagnos an eng fréizäiteg Behandlung kënnen dës schwéier Krankheete gréisstendeels evitéiert ginn. Eise Programm mat Virënnersichung, Therapien an Nobehandlunge schount de Patient, ass ästhetesch an deet net wéi.

Schounend an ästhetesch Therapien

An der Capio Mosel-Eifel-Klinik notze mir all d'Behandlungsmethode vun der moderner Varicentherapie. Niewent modernen Traitementer, déi mir extrem perfektionéiert hunn, kommen och sënnvoll nei Hightech-Methoden an den Asaz. All d'Agréffer gi mat enger lokaler Anästhesie gemaach. Dat ass risikofräi a schount de Patient. Bei den 200.000 Traitementer gouf et bis elo nach ni Komplikatiounen. Op Wonsch vum Patient kann hien och liicht entschlof ginn.

D'Capio Mosel-Eifel-Klinik kann am däitschen an internationale Vergläich déi niddregst Quot, wat Komplikatiounen a Réckfäll ugeet, virweisen.

Egal wéi eng Operatiounsmethoden agesat ginn, fir krank Venen z'eliminéieren – d'Patientinnen an d'Patiente sinn direkt nom Agréff erëm mobil. Déi applizéiert Operatiouns- an Anästhesietechniken si guer net resp. just minimal belaaschtend a kënnen deemno och bei eelere Patienten applizéiert ginn.

Héich wëssenschaftlech Kompetenz



Säit bal 30 Joer bidde mir Spëtzemedezin fir all Krankheet un de Venen. Mir behandele Varicen, d'Folge vun Thrombosen, Schwëllungen (Ödemer), oppe Been (Ulcus cruris) an aner Krankheete vun de Been.

Opgrond vun der héicher wëssenschaftlecher Kompetenz si mir Partner vu verschidden Universitéite fir zukunftsorientéiert Studien, déi op der ganzer Welt op Interessi stoussen.

„Niddregst Réckfall (Rezidiv)-Quot"
Am internationale Verglach läit d'Capio Mosel-Eifel-Klinik mat enger Rezidivquot vun 1,5 Prozent bei operéierte Magna-Crossen am Leeschteberäich op enger Spëtzepositioun. No enger wëssenschaftlecher Etude kommen d'Varicen an dëser Regioun bei ca. 43 Prozent vun de Patienten erëm, wann d'Operatioun vun engem net-spezialiséierten Dokter gemaach gëtt. Bei engem Venespezialist sinn et ca. 14 Prozent, a bei eis nëmmen 1,5 Prozent.